



BASTEL EN „ERZIEL- WIERFEL“!



D'Biller vum Wierfel hu mir aus der Brochure zum Déconfinement vun der Regierung erauskopéiert!

Wat s du braucht

- d'Virrag (am Anhang)
- Pech a Schéier
- 1 oder méi Matspiller

Wat s de elo maache muss

1. Dréck d'Virrag op engem A4-Blad eraus.
2. Schneid d'Virrag eraus.
3. Bastel däi Wierfel esou wéi et an de Fotoe gewise gëtt. Du kanns ee Wierfel fir lech all bastelen, mä et kann awer och all Matspiller säin eegene Wierfel bastelen.
4. Wann dir fäerdeg mat Bastele sidd, da kennt dir wierfelen an iech austauschen. Wierfels du eng Säit iwver déi s du grad net esougär schwätze wëlls, da wierfel einfach nach emol nei!
5. Wanns du wëlls, kanns du deng Mamm oder däi Papp oder grouss Geschwëster froen, fir ee Video vun dir ze dréinen, während s du op 1 oder 2 vun dëse Froen äntwers.
6. Schéck dese Video u scoutendoheem@lgs.lu a mir wäerten zum Schluss vun der Corona-Zäit e Video zesummesetzen, wou d'Biber an d'Wëllefcher iwver des Situatioun schwätzen (dat ass eis Biber- a Wëllefcher-Versioun vum Video, deen déi méi „grouss“ Branche fir den UNFPA-Projet #YouthAgainstCOVID19 dréinen). Mir freeën eis op är Videoen.



Lued eng Foto vun denger Aktioun op lgs.lu/scoutendoheem erop.

